



## INFO & REGLEMENT

### FLOUMAART / VIDE GRENIER OP DER BIEKERECHER MILLEN

De Floumaart / Vide grenier as de 19. September 2020 vun 08.00 bis 18.00 Auer um Site vun der Biekerecher Millen (Wéinst COVID-19 nëmmen dobaussen).

Ab 07.00 Auer kënt dir äre Stand opriichten. Am Fall wou dir verhënnert sidd, wäere mir frou, wann dir iech am Virfeld géift ofmellen (mail oder sms), andeems mir eng Waardelëscht opstellen an aner Leit frou wäeren, wann si kéinten noréckelen. Fir Ofmellungen, déi manner ewéi 24 Stonnen virum Event getätegt ginn, gëtt et kee Remboursement vun den Aschreiwungskäschten.

D'Ofrappe vun ärem Stand ass ab 18.00 Auer. All Participant ass gebieden, sech un déi virgeschriwwen Horairen ze halen. D'Uweisungen vun den Organisateuren op der Plaz sinn ze respektéieren, anerefalls kann ee vun der Participatioun ausgeschloss ginn.

Autoen: Den Accès mam Auto op de Site ass just autoriséiert fir of-, respektiv opzelueden. **D'Autoen mussen virum Ufank vum Floumaart de Site verlooss hunn a ginn eréischt nees no 18.00 Auer op de Site erageloos fir opzelueden.** Parkméiglechkeeten ginn et an der direkter Noperschaft vum Site.

**De Verkaf vu Waffen, Explosiver oder soss geféierleche Produkter, esou wéi vu liewegen Déieren ass strikt verbueden.**

**D'COVID Regelen sinn onbedingt anzehalen. Eegen Hänn Desinfektionsmëttel ass mat ze bréngen**

All Participant duerf nëmme Saache verkafen, déi aus engem private Stod kommen a muss dem Organisateur vis-à-vis versécheren, dass hien nët als professionellen Händler um Floumaart/Vide grenier deel hält. All falsch Deklaratioun huet d'Exklusioon vum Floumaart/Vide grenier zur Follech.

Den Organisateur wäert eng Rei Iwwerdiech/Zelter zur Verfügung stellen fir dass déi Participanten am Ausse Beräich vun der Millen esou wäit ewéi méiglech virun der Sonn oder dem Reen geschützt ginn. Well nëmme eng begrenzten Zuel vun Iwwerdiech zur Verfügung stinn, kënnen nëmme di éischt Aschreiwungen berücksichtegt ginn. Et steet engem Participant awer och fräi, säin eegenen Iwwerdaach oder Prabbeli mat ze bréngen, insofern d'Moossen vun 3m x 6m nët iwwerschratt ginn. **Sollten déi Moossen iwwerschratt ginn, esou ass dat am Virfeld mam Organisateur ofzeklären.**

D'Aschreiwungen fir de Floumaart/Vide grenier ginn den 3. September 2020 op. Den Aschreiwungsformular fënnt een op den Internetsäiten [www.aidephilippines.lu](http://www.aidephilippines.lu) oder e ka per Mail ugefrot ginn. ([aide@philippines.lu](mailto:aide@philippines.lu))

Den ausgefëllte Formular ass ausschliisslech op d'Adress [aide@philippines.lu](mailto:aide@philippines.lu) ze mailen. Innerhalb vu maximal 3 Schaffdeeg krit een dann eng Reservatioun & Rechnung geschéckt. Eréischt nodeems d'Suen op de Konto vum Organisateur bei der BIL **LU28 0027 2100 6390 2600** BIC: BILLULL mam Vermierk „Floumaart Millen 2020“ iwwerwise goufen (spéitstens bis den 16.9.20), ass d'Reservatioun validéiert. Et kann een de Betrag och iwwer Digicash iwwerweisen. An deem Fall ass dat mam Organisateur ofzeklären.

#### **Aschreiwungskäschten – Don :**

- 5€ de lafende Meter baussen um Site

All weider Renseignementer krit dir op der Handynummer +352 621 163 208

D'Participatioun um Floumaart/Vide grenier ass op eegene Risiko. Den Organisateur iwwerhëlt keng Responsabilitéit am Fall vun engem Accident, Déifstal, etc.